adr

Groupe parlementaire

Dépôt: Dan Hardy

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2025

HA- Situat° dans le secteur de l'horeca

1

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- zu Lëtzebuerg d'TVA ë.a. op Béier a Wäi vum 1. Januar 2015 u vun dräi Prozent op 17 Prozent erhéicht gouf;
- méi a méi Horeca-Betriber zu Lëtzebuerg nieft der genannter Steiererhéijung opgrond vu steigende Käschten (ë.a. Loyer, Energiekäschten, Käschte vum Personal, Liewensmëttelkäschten asw.) an eng prekär Situatioun geroden, respektiv sech schonn an enger prekärer Situatioun befannen;

ass sech bewosst, datt

- d'Ënnerstëtze vum Horeca-Secteur och indirekt eise lokale Brauereien a Wënzer entgéintkënnt;

fuerdert d'Regierung op,

- den TVA-Saz op Béier a Wäi vu 17 Prozent am Horeca-Secteur däitlech ze reduzéieren.

Dan Hardy

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742